# Vun der Spree bis un d'Kor a 6 Méint

Kuliss Mett October 1944 : Berlin,Eulerstrasse 21. Do wunnt de Waldemar Schneider och vu Beruff Schneider; seng Fra Lucie ass zu Nanzeg gebuer,si ass d'recht Cousine vum Usträicher Eugène Lesch vun Uewerkuer,a si as a Bréifcontact mat deem sengem Meedchen Apolline, am RAD zu Warburg.

Et ass géint der Owend,si sëtzen zu dräi an der Stuff beim Volksempfänger fir gewuer ze gin,wéi d'Front an Ostpreise stät,wou den Iwan seng éischt Incursiounen mät, an un der Westfront, wou den Ami sech hannert der Musel an der Sauer erbléist. De Waldemar well grad säi grousst Puddingsglas mat enger Berliner Weissen usetzen, do schellt et. " Wer kann det denn nur sein ?" freet en sech a gät kucken : 8 Meedercher, 18 Joer, an RAD-Uniform sti vrun der Dir - hien as perplex - mä d'Apolline Lesch get sech ze erkennen an déi 8 gi séier erageholl. Beim Iessen récken si eraus mat hirem Problem.

Zenter dem 6. Juni 1944, dem Dag vun der Landung an der Normandie,si se fort vun doheem,an zenter 14 Deeg si se vu Warburg an de KHD op Wittenberge un der Elbe versat gin, fir an enger Munitiounsfabrik ze schaffen. Duerch Sträit mat de preiseschen Hiinkelen a Sabotage mat groussem "Ausschuss" vu Granaten get d'Gestapo op d'Idi bruecht d'Zuel vun de letzebuergesche Meedercher op d'Halschent ze reduzéieren an enger 2o vun hinnen e Marschbefehl an de KHD op Pillau bei Koenigsberg ze gin. Um Wee vu Wittenberge op Berlin vergrimmelen sech der eng Dossen; et bleiwen der 8, déi no Westen wellen désertéieren.

De Waldemar bitzt eng ganz Nuet mat dem Lucie a senger Duechter Liesa, a si man dem Apolline e Mantel an eng Jupe,well d'Summergezei an der Valise as ze dënn bei desen Hierschttemperaturen. Si färten de fanateschen Nazi-Blockwart, mä et get an der Nuecht gottseidank kä Fliegeralarm fir opzefalen.Deen anere Mueren gät de Waldemar op d'Gare Billjeen kafen fir déi éischt Streck westwärts -loo km- méi wor net erlabt an engem Siess. Mä iirt d'Räs no heem richteg lassgung huet d'US-airforce Berlin erem bombardéiert - am Duerchenän fir an an aus dem L-Bunker hun déi 8 sech verluer an zesummen blouwen nemmen d'Apolline an d'Triny Jonas, haut Monitrice de gymnastique fir dames-ménagères um Cents. Déi 6 aner woren : Haas Senny,haut Mme Messerich zu Woltz,Mack Jeanny vun Diddeleng, 2 Seschteren Host vun Esch, an .....(deinen Namen hab ich vergessen...)

D'Parol fir d'Kontrollen ze täuschen housch fir no Warburg zeréck an d'RAD-Stammlager ze fueren.Bis dohin gung och alles gutt.Teschent den loo km-Etappen mam Zuch as emol 30 km marschéiert gin; d'eisern Ratioun wor huerteg giess an den Duo hat geschwenn den Trick eraus fir bei Privat ze schellen, irgend e Sprechelchen opzesoen a,wann de Mo zevill gegrommelt huet, einfach ze "häschen". Zu Hamm, am Münsterland,erkennt eng preisesch Arbeitsmaid se, si konnten dat "Weib" ower ofwimmelen.

D'Triny hat eng Bréifadresse zu Auerbach, an d'Gestapo huet op hirer Sich no him do Hausdurchsuchung gehal.Hatt hat am leschte Bréif Gilетten fir irgenden Zweck gefrot an d'Fra vum Haus huet gemengt hatt hätt sech domat d'Liewe geholl. De Gestapo huet sech domat zefridde gin,well no Doudechen siche si net, si haten der schon zevill.

Eng Kéier hu se sech an enger Gare an de Cabinet agespaart fir enger Kontroll ze entgoen; geschlof gouf iwwerall : am Zuch, an enger Scheier um Stréi,am Besch, am sechersten am Luftschutzbunker. Bei desem Zigeiner-Trampen gungen d'Deeg an d'Wochen erem,a si koumen esou géint de 6.Dezember 1944 bis hei viir op Kahren bei Saarburg, wou dem Apolline sei Koseng Erny Lesch vun Uewerkuer dienstverpflicht ... a bestued wor. Mä d'Amerikaner woren no an d'Duerf wor schon évakuéiert. Eng Artillerabteilung huet déi zwä Fraleit prompt an hir Feldkiche gestach; d'Zaldoten gunge méi néideg gebraucht op VB, bei de Kanounen als wéi bei der Gulaschkanoun. D'Konditioune woren net zevill schlecht do bei enger Batterie am Saardall,et hat een regelmässig z'iessen, e Stréisak - bis en Feldgendarm d'Etapp hannert der Front no Drueckeberger duerchfilzt huet. Déi an Zivil getarnten Arbeitsmaiden hun net erzielt,dat si op der "Flucht" wirdn,mä dat se gär him erem op Letzebuerg kéimen, an, o Wonner, de Feldgendarm huet hinne geroden (bei der Rundstedtoffensiv,déi voll am Gaang war) dat iwer AAchen ze progebéieren. Si hun en Zuch erwescht, mä koumen nemmen bis Ehrang,well en Zaldot,dee gemät huet wéi wann e geng schlofen,d'Oueren no deene letzebuergesche Kläng gespetzt hat, op eemol aus dem Abteil gung an déi zwee mat Bahnpolizei oofféiere gelooss huet.

Si soutzen am Prisong; zwee Letzebuerger Gefaangener (vleicht Hinzerter) hun hinnen d'Iesse bruecht an hun dem Charel Lucas (vun der Fräiwellege Kompanie a spéideren dichtegen Arméisadjudant) ët gesot. De Charel hat d'Lach éischter fir ërem häm an de Grand-Duché an huet d'Elteren vun deene zwee Meedercher avertéiert

No e puer Deeg "Rascht" zu Ehrang gung et an de "Bunker" op Tréier,wou e Gestapo de Verhéier gefouert huet. Hien huet den zitéierte "Malermeister" Ernst Lesch kannt; deen hat emol fir hie geschafft, an doduerch wor den Enquêteur schons méi menschlech gestëmmt. Per Telefon huet hien d'Aussoen mat du Artillerieabteilung kontrolléiert a prompt gungen déi Zwee erem doran embrigadéiert.

An deene nächsten dräi Méint, vu Januar bis Enn März gung et konterbont duerch d'Saargebitt, den Hunsrück, d'Pfalz... An engem vun deene villen verloossenen Dierfer mat Suffix "Weiler" wor e Bopa zeréckbliwwen. Déi zwee Kichekuederen hun him vun der Arie d'Iessen bruet; dofi konnten si sech aus den Heiser hir Garderobe erneieren.

An esou enger villégiature get d'Apolline vun engem letzebuerger Gielemännchen, dee schon erem mat Stempelen op engem Büro soutz, erkannt. Hatt sot heen hätt an der Uelzechtstross zu Esch ho bei senger Coiffeuse-patronne de Beitrag fir d'VdB akasséiert. De Mann, deen endlech "heim ins Reich" gung, ass do ganz ärdeg gin a sot hie geng hinnen en Auto, Brout a Kunsthonig verschafen. Mä déi zwä hu "Lunte" gericht, an iirt hie séng konnt stiichten,sin si duerch d'Latte gaangen.

D'Preise konnten hir Verpflegungslager net méi évakuéieren - mam sëllechen organiséierten Chokola gouwen d'Valise méi schwéier an hun streppweis en engem Cajot mat Ficelle misse gezu gin. d'Triny wor besonnesch schneekeg op Chokela - mä et wor agedält a rationéiert ! Mä och des Kneckegkät wor vum schlechten,well e Jabo hat Aen ewéi en Hingerdéif an huet op alles geschoss wat gewibbelt huet; sou huet en och hire Camion mat der Chokelasvaliss a Brand geschoss an ërem eng Kéier wor dee lues a lues gereammschte Räichtum duerch d'Päif.
Virun esou "attacks by the air" hun déi zwä sech séier verkroch,an an esou enger Stopp héieren se op eemol e Schläichen : d'preisesch Infanterie huet sech zeréckgezun; deen eelere Spiess mat der Glatz hat séng Erfahrunge gesammelt an hien huet gemengt, dat wir e sëchert Zächen,dat d'Lompe génge sténken. Op enger Muniskëscht huet hien den zwä Meedercher e "Begleitschreiben" fir d'Amerikaner opgesat,wou hir Situatioun als "Beutegermanen" duergestallt gung, hien huet en eng Spectiv gin fir gutt ze gesin,wat op een duerkéim an huet hinne de Wee fir an d'amerikanesch Linnen gewisen, hie selwer géng geschwenn nokommen !

No engem Intermezzo an engem Bunker, wou äifreg Pabeieren verbrannt gungen,sin déi zwä "Heimkehrer" glécklech bei der US-Army geland fir ze héieren,dat am besaten Duerf de Werwolf schon en amerikaneschen officer emgeluet hat.

Et gung op eng Sammelplaatz vu franséische Krichgefaangenen, vu Landau op Berg Zabern,a Wissembourg,op zwou Camp-Plaatzen zu Strossbuerg. Ennerwee as gemengt gin si bräichte keng Spectiv etopp... méi, als retour krute se Leis !

Des Bibechen hun se luusseg bis op Pareis an d'Champs Elysées bruecht, wou e bureau vum G2 a vum Rapatriement wor - ausgefoot, grujelesch Passbiller, an endlech erem Souen -d'Zäit vum Troc wor eriwwer.
Och den Zuch no häm iwwer Sedan wor fir näischt.
De 14. Abrel 1945, sechs Méint nom Start vun hirer Odyssee zu Berlin, si se doheem geland; si hu sech gefrät iwert d'Fändelen, déi eraushungen an iwert déi vill frou Leit mat Cocarden rout,wäiss,blo... Dé selwechten Dag koum nämlech eis Grande-Duchesse mat de Prenzekanner aus dem Exil erem heem ....
E puer Méint drop koum e Liewenszächen vum däitsche Spiess an amerikanescher Krichgefaangeschaaft.

Quirin Dallmeyer Dallmayer
den Numm vum Spieß
oder vum Offizier vun der
Artillerie ofdeelung ?

22. 12. '87

Fotoën aus dem R.A.D. Warburg 6.6.1944 bis Ufank November.Duerno war meng Mamm zu Wittenberg,huet an enger Munitionsfabrik geschafft.

D'Triny Jonas (29.1.1926- 5.12.1994) hat e Fotoapparat,d'Filmer goufen op Lëtzebuerg geschéckt,an d'Fotoë koumen an den Aarbéchsdingscht zréck.

Meng Mamm Apolline Lesch (13.9.1926) an d'Triny hunn sech am Aarbéchsdingscht kënne geléiert a goufe Frëndinnen.

Di kleng Billercher (Käertercher)sinn Dëschkaarten, déi d'Anni Gerke gemaach hat.Hatt huet zu menger Mamm hirer Komerodschaft gehéiert.Dem Anni säi Papp war stroofversat an zwar op Warburg.

Erklärungen zu de Fotoën :

1. 1. vu lénks Apolline Lesch, 2. vu lénks Anni Gerke

1a.1. vu riets Apolline Lesch

2. Triny Jonas, Besuchsdag zu Warburg

3. Anneliese Schwackmeier,huet zum A.L. senger Komerodschaft gehéiert

4. lénks Hannelore,Mëtt Apolline Lesch,riets Anneliese

5. 3. vu lénks Triny Jonas Nr 12 gehéiert hei derzou

6.1. vu lénks Apolline Lesch, 2.Triny Jonas op der Gare zu Paderborn,si hunn do mussen ëmsteigen fir Warburg

7. 1. vu lénks Triny Jonas,Lisa , sonndes gouf et Kaffi a Kuch

8. lénks Apolline Lesch, Sanny Haas : dës Foto hat mäi Papp zu Lëtzebuerg geknipst éier meng Mamm an den R.A.D. goung

9. Triny Jonas an Apolline Lesch

10. Anneliese, am Hannergronn ass d'Lager, eng fréier Jugendherberg

11. A.L. an T.J.

12. T.J. gehéiert zu Nr 5

13. T.J an A.L. prett fir den Aussendingscht

14. A.L. an T.J.

15. riets Margot,Mëtt Anneliese,lénks Karla

16. vu lénks Gretl, A.L. an T.J.

17. vu lénks T.J. an A.L.,Besuchsdag,Famill vum Gretl

18. Anneliese

19. Kanner bei engem Fest am Lager

20. vir am Sëtzen A.L. an T.J.

21. hannen Margot

22. « Kostümfest »,lénks Charlotte

23. Besuchsdag, 2. vu lénks T.J., op der Foto wieren dem Triny seng Elteren,sot meng Mamm

24. 1. vu lénks uewen T.J. mat senger Komerodschaft

25. idem, T.J. ass dat 5. vu lénks

26. « Kostümfest »,lénks A.L.

27. gehéiert zu 24 a 25

Wann ech mengem Papp säin Artikel mat menger Mamm hirer Erënnerung vergläichen, ginn et e puer Froen.

Mäi Papp schreift ,di 8 R.A.D Meedercher wire Mëtt Oktober bei der Famill Schneider zu Berlin opgekräizt.Si wiren da just bis ca Ufank Oktober zu Warburg gewiescht.Meng Mamm sot mer den 11.4.2012 si wir bis Ufank November zu Warburg gewiescht.Duerno hätte se sollen op Berlin op d'Post kommen,si hätten eng Nuet an engem Lager zu Berlin geschlof.Well Berlin wéint de Bommen ower ze geféierlech gewiescht wir,wir ëmdisposéiert ginn,a si wiren op Wittenberg an eng Munitionsfabrik schaffe geschéckt ginn fir de KHD.No ca 14 Deeg wiren si do fortgelaf an do op Berlin bei menger Mamm hir Famill gaang.

An hirer Erënnerung ass et d'Lutherstadt Wittenberg an net Wittenberge,wéi mäi Papp a sengem Rapport schreift.Och am Kremer Néckel sengem Buch « Erënnerungen »steet sécher duerch den Text vu mengem Papp Wittenberge.

Si sot mer nach ,hir Cousine Lisa Schneider hätt op der Gare gekuckt,wéi si meng Mamm sonndes zu W. besiche kéinten.Si haten hir eng Blus an eng Jupe gebutt.Aus dem Besuch ass do awer näischt ginn.Vun der Distanz kéim esouwuel dat eent wéi dat anert a Fro...

Denise Beffort

Am Rappel oder les Sacrifiés ( ?) stoung als klengen Noruff op d'Triny Jonas : affectée au KHD ...à Wittenberg (Elbe) dans une fabrique de munitions...

D'Mme Flügge vun dem Stadtarchiv vu Wittenberge sot mer : « 1941 eröffnete die Firma Fritz Völk... einen Rüstungsbetrieb,der militärisch optische Geräte herstellt ob dort auch Munition hergestellt wurde können wir Ihnen nicht beantworten. »

De 24.Abrëll sot meng Mamm mer nach,si hätte gesot kritt,si missten oppassen,et géif och e Wittenberg mat e ,dat wir et net. Si hätte keng optesch Geräter gemaach,och keng Munitioun,et wire länglech Stécker vun e puer Zentimeter Längt gewiescht,awer schmuel.

26.Abrëll 2012



**JONAS Triny, née le 29.01.1926, domiciliée à Luxembourg**

RAD: affectée au KHD ("*Kriegshilfsdienst*") à Wittenberg (Elbe) dans une fabrique de munitions, elle s'est évadée lors d'un transfert à Pillau via Berlin, en décembre 1944. Etant en vêtements civils, elle fut arrêtée à Ehrang, écrouée, puis embrigadée dans une unité d'artillerie comme aide dans la cantine. A déserté une deuxième fois en mars 1945 et a pu rejoindre les troupes américaines.

Elle a été rapatriée via Strasbourg et Paris, en avril 1945.

**Titulaire de la carte de réfractaire**